



Réf.: FLMP-2021-044

## Newsletter 1 / 2021

Mee 2021

D'Pandemie huet eis nach ëmmer am Grëff a verschidde Restriktiounen bestinn nach ëmmer, och wann sech ee kleng Liichtbléck weist. Dofir erënnere mir nach eng Kéier un déi aktuell Reegelen, fir eng Wanderung ze organiséieren.

### Organisatioun vun enger Wanderung

Well mir ab elo erëm kënnen Startkaarte verkafen, soll de Start- a Stempelbüro awer weiderhi vu 09.00 – 17.00 Auer besat sinn. Wanderer, déi virun dëser Zäit starten, kënnen hiert Startgeld och no der Wanderung bezuelen. Ausser Selbstkontrollen op der Streck gi momentan keng Kontrollplazen ugebueden. Dofir sollen och déi verkaafte Startkaarte mam Datumsstempel vum selwechten Dag „entwärt“ ginn. D'Noutfallnummer op der Kaart gëtt awer dem Wanderer d'Méiglechkeet fir vun ennerwee den Organisateur ze kontaktéieren.

Mir bieden d'Veräiner an hirer Statistik ze berécksiichtegen, wéi vill Wanderer ouni Startkaart gewandert sinn a fir dës Leit, d'Participatioun vu 0,40 € fir FLMP ze verrechnen. Do ziele mir op de Fairplay vun all eise Veräiner.

Et handelt sech hei ëm eng Iwwergangsléisung. Esou bal, wéi mir erëm d'Méiglechkeet hunn, wäerte mir all eis Veräiner zesumme ruffen, fir zesummen iwwert eng Weiderentwécklung ze diskutéieren.

### Flyer a Fairplay

Mir erënnere drun, datt d'Geneemegungsnummer fir de Flyer am FLMP-Sekretariat ugefrot gëtt. Dës Nummer gëtt et eréischt, wann de Projet vum Flyer de Reegele vun der FLMP entsprécht.

Um Flyer solle stoen: de Numm an de Logo vum Veräin - de geneeën Datum - déi genee Adresse vum Start – eng Kontaktperson vum Veräin, am beschte mat Telefon an Emailadress – de Präis vum Startgeld, ze bezuele mat ofgezielter Mënz, mat Digidash resp. mat all Kreditkaart – déi genee Distanz vun de Strecke – d'Startzäiten an den Zielschluss – den FLMP-Logo vu 50 Joer FLMP an de Logo vun IVV-Europa. Och soll drop higewise ginn, datt déi aktuell Covid-Reegelen nach ëmmer ze respektéieren sinn, datt et ennerwee keng Kontrolle ginn ausser Selbstkontrollen an datt et eventuell en Take-Out gëtt, fir sech ze ravitailléieren.

Am Kader vum Fairplay vis-à-vis vun all eise Wanderer an all eise Veräiner, proposéiere mer och dësen Zousaz op dem Flyer ze benotzen:

### **Fairplay**

Alle digital-aufgezeichnete Strecken desselben Tages kënnen ebenfalls fir diese Wanderung gewertet werden. Im Rahmen des „Fairplay“ und unter Berücksichtigung des Angebots von markierten Wanderstrecken des jeweiligen Vereins, sollen Strecken von Cups & Trails der FLMP an diesem Tag nicht zur Wertung vorgelegt werden.

Tous les parcours enregistrés le même jour peuvent également être validés lors de cette marche. Dans le cadre du "fair-play" et en tenant compte de l'offre de parcours balisés du club respectif, nous demandons de renoncer ce jour-là à la validation des itinéraires des Cups & Trails de la FLMP.

Fir all zousätzlech Froen steet Iech d'FLMP-Sekretariat gären zur Verfügung.

### COSL-Spillfest

D'FLMP bedeelegt sech dës Joer och um digitale COSL-Spillfest vum 21.5. – 21.06.2021. Hei sollen d'Eltere mat hire Kanner mindestens 3 mol wandern, d'Strecken opzezeichnen oder mat Fotoe beleeden an dës un den COSL eraschécken. Belount ginn d'Kanner mat engem T-Shirt vum COSL-Spillfest an huelen automatesch un enger Tombola deel.  
Avis aux amateurs.

### Yuppi-Walk 2022

Wéi dir wësst, huet de Yuppi-Walk och dëst Joer erëm ee grouse Succès. Iwwer 300 Kanner hunn sech schonns fir dëst Joer ageschriwwen, dëst no just 2 Yuppi-Wanderungen.

Mir wëllen och d'nächst Joer erëm **6 Yuppi-Walken** ubidden. Dofir maache mir een Opruff un eis Veräiner, fir sech **bis spéitstens de 15. Juni 2021** mat enger Email am FLMP-Sekretariat ze mellen, wann dir un enger Bedeelegung intresséiert sidd.

### Yuppi-Walk 2021

Fir déi Veräiner, déi elo 2021 nach eng Yuppi-Wanderung unbidden, gëtt drun erënnert dass mir vun Luxlait Shaken fir d'Kanner gratis zur Verfügung gestallt kréien. Fir eng gewësse "Kontinuitéit" an eise Yuppi-Wanderungen unbidden wär et gutt:

- wann um Parcours fir d'Kanner eng Spillplatz ënnerwee wär
- wann de Yuppi-Umeldestand virum der normaler Umeldung wär
- wann d'FLMP kennt am Virus informéiert ginn, wéi ee Spill op der Yuppi-Wanderung ugebuede gëtt

### Moonwalk

Am Juli ass den éischte „Moonwalk“ zu Lëtzebuerg geplangt, wou d'FLMP als Partner mat derbäi ass. Hei kritt all Wanderer d'Méiglechkeet fir an enger Vollmoundnuecht am Däischteren ze wandern an dobäi d'Rou vun der Nuecht esou richtig ze genéissen.

Als Partner musse mir awer och eng Hand mat upaken. **Dofir siche mir e puer Veräiner, déi bereet sinn, zesumme mat eis bei dëser Organisatioun eng Hand mat unzepaken**, fir sech em de Catering an d'Kontrollen ënnerwee ze këmmere. **Dës Participatioun gëtt och bezuelt.**

Mir soen elo schonns Merci fir Är Ënnerstëtzung a bieden Iech, iech virum 15. Juni am FLMP-Sekretariat anzuschreiwen.

### Kalenner 2021

D'Schëfflenger Globetrotters hunn hir Wanderung vum 18.07.2021 virverluecht op den 30. Mee 2021. Deemno ass ass den Datum vum **18. Juli 2021 elo fräi**. Wann ee Veräin intresséiert ass, fir op dësem Datum eng Organisatioun unbidden, soll en sech mam FLMP-Sekretariat a Verbindung setzen.

### FLMP-Sekretariat

D'FLMP-Sekretariat huet **Congé vum 19.-26.05.2021 inclus**.